Allocution du Chef d'Etat-Major de l'Armée

à l'occasion du la Veillée de Noël au CM

19 décembre 2019

Haer Minister

Haer Minister délégué,

Här Kommandant vum Centre militaire

Här Coordinateur général vun der Défense

Léif Militaer an zivil Personal vun der Arméi,

Léif Matarbechter vun der Défense

Léif Éieregäscht, chers Invités d'honneur,

Ech begréissen Iech ganz häerzlech hei um Härebierg am Kader vun eiser Chrëschtfeier wou ech mech besonnesch freen haut direkt 2 ministeren derbäi ze hunn déi sech em Défense këmmeren, lo misste mer jo dann definitiv op der gewonnener säit sinn.

Des Kreschtfeier huelen mir traditionnel als Ulass fir e Réckbléck op dat ze maachen wat mir an desem Joer geleescht hunn.

Ech wäert elo net op all eis Aktivitéiten hei agoen, well mir hunn een deen dat vill besser a Biller weisen kann wéi ech dat a Wierder kéint verfaassen. An dofir iwwerloossen ech dëst ganz gären herno dem Adj Daniel BALTHASAR, dem ech lo schon Merci soen fir di vill stonnen di hien heiranner investéiert huet.

E puer Saachen sinn et awer derwäert unzeschwätzen.

Als alleréicht muss ech un dat tragescht Accident um Waldhaff erënneren wat 2 vun eise Beschten d'liewe kascht huet an wou een schwéier an een mi liicht blesséiert gouf. An der schwéierer Zait duerno hu mir gewisen wéi mir kennen zou enaaner stoen, och konnte mir de Familljen eng würdeg cérémonie d'adieu bidden, déi hinnen hoffentlech an der Situatioun e beschen Trouscht spenden konnt.

Ech well hei ganz speziell e grousse Merci un all die Leit riichten déi fir deen dag extra hiere congé ennerbrach hun fir sou hieren estime dem Luc an dem Mike kennen ze beweisen an virun allem deeren déif getraffen Familljen an hierem Leed op déi manéier z'ennerstetzen.

Kuerz duerno hu mir de Grand Duc Jean op sengem leschte Wee begleed. Dat woar secher eng grouss éier fir d'Arméi. Hei hu mir bewisen wat mir, trotz kuerzem préavis, awer konnten op d'Been stellen an esou dem Grand Duc Jean eng him würdeg cérémonie funéraire ofhalen. Jiddvereen huet hei vollen asatz gewisen, ouni no dem ominéisen regime de travail ze kucken.

Glecklecherweis get et awer och nach positives ze berichten vum leschten Joer.

En Héichpunkt dest Joer waor secher d’Visite vum belsche Kinnek hei um Haerebierg, eng eenzegarteg Actioun déi et sou nach nie gouf, mir konnten deen dag dem Kinnek an dem Grand-Duc an dem Publik, deen duerch di vill Medien an d’Bild gesaat gouf, genau weisen wéi mir di exzellent Cooperatioun mat eisem belschen Partner all Dag liewen.

Als next ze erwaehnen sinn eis operationnel engagmenter woubai mir iwert ganz joer en contingent vun iwer 100 leit am Stand by haten fir am cader vun der vjtf a kierzester zait eventuell agesaat ze ginn.

Mir hun och eis individuel participatiounen am mali sou wi am afghanistan oprecht gehalen.

Mir hun intensiv trainéiert fir den asatz an litauen vu januar 2020 un mat engem transport détachement ze préparéieren dann awer och den asatz vun enger CIS équipe an der Minusma vun februar 2020 un an dann den asatz vun engem détachement mat dronen bei der EUTM am Mali vun mai 2020 un, virzebereeden.

Net ze vergiessen ass awer och eisen asatz ufangs august am süden vum land, nodeems en tornado fir vill schued a leed gesuergt hat, a wou d'arméi alt erem konnt weisen dass sie och do ass fir der populatioun ze hellefen wann et néideg ass. Eis leit hun hei gewisen dat een op sie zielen kann an sie hun sech mat haerz a séil un deer actioun bedeelegt

Erfir hiewen well ech hei awer déi solidariteit déi un den dag geluet gouf. Et woar effectiv esou dass den detachementschef mat 20 Leit hei um bierg fortgefuer ass, an wou hien zu Péiteng ukomm ass stungen 25 leit do, et woaren also zaldoten dohinner komm, en tenue, ouni dass sie geruff goufen, fir eben hieren kollegen ze hellefen.

Alleguer deenen déi bei desem asatz derbai woaren, e grousse merci fir hiert engagement.

A wann ech schon vun solidaritéit schwaetzen, dann well ech hei eppes ongewéinlesches opbrengen an zwar hate mir lescht joer am september un engem exercice an Deitschland deel geholl, an do woar aus versehen ee vun eisen Caporeel mam engem camion an eng stroos eragefuer déi fir deen tonnage vum camion verbueden woar.

Wou hien et bis gemierkt huet, konnt hien awer aus secherheetgrenn net méi emdréinen, resultat woar dass hien e protocol kritt huet an 1063 euro huet missen bezuelen.

Vu dass et am dingscht geschittt ass, an hien net eng sougenannten faute grave gemach huet, woar ech der meenung dass mir dem Cpl sain protocol kéinten iwert eng déclaratioun bezuelen. Dat ass awer net esou durechgaangen. Ech hun dunn mat hellef vum eisem minister allméiglesches probéiert. Mir hunn saemtlech prozeduren duerchlaaf mais et eis net gelongen en administrativen wee ze fannen fir déi onkaeschten vum Staat iwerholl ze kréien.

Meng lescht solutioun woar et dunn op di bekannten solidaritéit di eis auszeechend zereckzegraifen, an deems ech op eiser réunion d'état-major en appel gemach hun eppes baizeleen fir dem Cpl ennert d'aerm ze graifen.

Mir waerten dann herno och kennen dem Cpl eng enveloppe iwerrrechen déi him de Kreschtdag e beschen verséissen waert.

Ech soen all deenen merci déi de portemonnaie opgemach hunn, och dem minister an eisem coordinateur général déi sech bei der actioun och net lompe geloos hun.

Haer minister, léif Alleguer,

Mir hun mett des joers den aval vum regierungsrot kritt fir eisen effort de défense esou wi geplangt emzesetzen sougut wat investissementer an infrastrukturen an an équipementer ubelangt mais och wat recrutementsplanung ubelangt, och hu mir den accord kritt fir d‘observatiounsdronencapacitéit auszebauen an mir renforcéieren de rôle social andeems mer méi débouchéen eisen leit ubidden, notamment wat carrière vum gardien de l’Armée ubelangt.

Fir desen accord ze kréien hun bei eis an op der D7 vill Leit vill engagement gewisen, an dofir e spéziellen merci. Dest ass wirklech zukunftweisend an gett eis richteg perspektiven.

Och hu mir, zesummen mat eisem ministère an den Personalvertriedungen weider intensiv un der neier loi organique vun der Arméi geschafft, an um texte iwert den régime de travail souwi d'omps gesetz finaliséiert.

Iech alleguer, militair an zivil personal, e groussen Merci fir dat wat an dem leschten Joer geleescht gouf. Ganz vill perséinlechen Asatz huet missen opbruecht ginn fir all eisen Engagementer gerecht ze ginn. An dësen Asatz vu jidderengem eenzelnen verdéngt et ervirgehuewen ze ginn.

Wann ech elo no fir kucken, wat dat operationnelt ubelaangt, niewt der Stand down Period vun der vjtf, laien ganz kloer eis Prioritéiten bei den engagementer am Mali an Litauen an am Afghanistan.

Eist organisatiounsgesetz, an dat iwert de regime de travail lo wirklech op den instanzewee ze kréien steet och ganz uewen an de prioritéiten.

D’renovatiounsarbechten hei um Haerbierg kommen lo an d‘emsetzung, genau esou geet planung vun den arbechten am bleesdall souwi um Waldhaff weider. Och d’planung vum embau vum Gebai op der Kaltchesbreck wou den EMA an D7 soll zesummen ennerkommen geet firun.

An dann natiirlech d‘recrutement a saemtlechen carrièren vun der arméi steet ganz uewen. Mir hun et, wi scho gesoot, faerdeg bruecht di néideg CER nummeren autoriséiert ze kréien, an woufir ech dem Haer Minister e grousse merci well ausdrecken dass hien eis dobai sou ennerstetzt huet.

Un eis ass alleguer zesummen as et elo fir d‘ leit dobaussen z’iwerzeegen sech bei eis ze mellen. An wann mir dann emol di nei leit bei eis hunn, musse mir eis och ustrengen fir se ze fideliséieren.

Fir all daat ze realiséieren wat mir virhunn, zielen ech op iech alleguer, well nëmmen zesummen mat jiddverengem kënne mer als eisen Erausfuerderungen gerecht ginn.

Dem Coordinateur general vun der Défense an dem Direkter vun der Défense a sengen Leit soen ech Merci fir di gutt Zesummenarbecht déi mir mat hinnen hun an och brauchen fir eis Engagementer kennen ze realiséieren. Nëmmen zesummen komme mer virun.

Haer Minister, Léif alleguer,

Ervirzehiewen ass awer och d'Engagement vun de Leit vun deenen Organisatiounen di haut en Don wäerten iwwerreecht kréien. Si setzen sech fir anerer an deenen et vläit net esou gutt geet, dofir verdéngen si eise Respekt an eis Unerkennung. Ech well awer och eise Leit Merci soen déi di verschidden Don'en gesammelt hunn an domat aneren Leit eng Hëllefstellung ginn an villäicht och e Stéck Fridden an Freed zoukomme loossen.

Och eisen Lauréaten di haut geéiert ginn fir hier sportlech Leeschtungen, well ech félicitéieren fir hiert Engagement an si an all die aner opfuerderen an dem Élan weiderzefueren.

Dest Joer konnte mir beweisen dass eis elitesportler och wierklech zu der élite zielen, sie hun eis op de Militaerweltspiller zu Wuhan a China exzellent representéiert. Dofir wäerten herno och verschiddener nach ausgezeechend ginn.

Ech well awer net vergiessen eise leit déi de moment aus gesondheetlechen grenn leider net kenne bei eis sinn, eng gutt besserung ze wenschen an dass sie séier nees op d’Been kommen fir rem an eiser Mett ze sinn.

E grousse Merci och nach deenen Leit déi sech em d’ Organisatioun vun dëser Krëschtfeier gekëmmert hunn, si schléisst d’Joer ëmmer an enger festlecher Manéier of. Do schléissen ech natiirlech an, den Ensembel vun eiser militaermusek, den dat ganzt hei musikalesch encadréiert. An dann well ech awer och eis ganz militaermusek hei erwaehnen, an hinnen e grousse Merci soen, sie déi eis emmer exzellent dobaussen representéieren.

Iech alleguer, ären Familljen a Frënn, all eise Leit di haut net kennen derbäi sinn, wënschen ech schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.

Zum schluss well ech awer och main ueblechen Appel maachen un eis jonk an och manner jonk Elementer, op der Strooss am Verkéier opzepassen an sech un d’regelen ze halen, sou dat mir eis gesond a monter nom congé kennen erëm gesinn.

Ier ech awer lo de podium frai machen well ech awer nach kuerz op dat agoen wat lo zënter engem mount jo vill wellen gemach huet a wou en Haer vum spfp mai rektrett gefuerdert huet.

Ech muss soen dass ech, no deser ominéiser assemblée générale vum 26 november, vill mailer an smser kritt hunn, vill ugeruf kritt hunn, leit di bei mech op de buro komm sinn, an daat vum Zaldot bis zum Colonel an och zivil personal, souguer ex-zaldoten, a pensionnairen hu mech contaktéiert fir mir ze soen dass sie dat guer net ennerstetzen wat do gelaaf ass an dass ech esou soll weiderfueren wéi ech dat lo zenter iwer 40 joer gemach hunn.

Wouhinner genau eis di ganz actioun waert féieren waerte mer gesinn.

Ech denken awer dass mir zesummen waerten gestaerkt doraus kommen.

Et ass naemlech esou dass di negativ reklamewell iwert d'arméi déi den haer vun der spfp ausgeléist huet, awer largement compenséiert gouf durch aert gemeinsamt handelen, wou een gesinn huet dass mir an der arméi zu deenen werter wéi loyautéit solidaritéit, respekt éier an dévouement stinn an dass mir do sinn, een fir deen aneren. An dass et derwaert ass an d'Arméi ze kommen, an der Arméi ze sinn an an der Arméi ze bleiwen.

Mir mussen elo geschlossen no viir kucken, an alleguer wann méiglech op der selwechter sait vum Seel zéien.

Ech soen iech alleguer merci fir aer Ennerstzung an desem dach fir mech, net einfachen moment, dir hut mir bewisen dass main alldeegleschen asatz fir d’arméi sech gelount huet an ech sinn frou a stoltz aeren CEMA ze sinn an ze bleiwen.

Ech soen iech Merci.